

Här Fernand Etgen
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 3. August 2022

Här President,

esou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un den Här Staatsminister, den Här Bausseminister an den Här Vizepremierminister Bausch weiderzeleeden.

Am Artikel "Luxemburgs Agenda bei der UNO: unbekannt und einseitig", deen den 30./31. Juli am Wort publizéiert gouf, heescht et, datt Lëtzebuerg am UNO-Mënscherechtsrot wärend de mëndlechen Interventiounen dacks eesäiteg israelfeindlech Positiounen vertritt, déi sou vu kengem aneren EU-Memberstaat gedeelt ginn. Sou legitiméiert Lëtzebuerg beispillsweis regelméisseg duerch an a séngen Interventiounen den "Item 7" deen eesäiteg Mënscherechtsverletzungen duerch Israel an de Palestinensergebidders thematiséiert. Dem Artikel no ass Lëtzebuerg nieft Irland dat eenzegt aner EU-Land, dat wärend de leschten dräi Joer zu dësem festen Dagesuerdnungspunkt d'Wuert ergraff huet, huet am Géigesaz zu Irland awer op eng Verurteilung vu Mënscherechtsverletzungen déi duerch palestinensesch Autoritéite begaange goufen, verzicht.

Weider heescht et am uewen zitéierten Artikel, datt Lëtzebuerg den 23. Juli 2019 eng Resolutioun matgedroen huet, déi Israel als eenzegem Land schwéier Verstéiss géint d'Rechter vun der Fra virgeworf huet an domat méiglech Verletzungen vu Fraerchter an anere Länner stëllschweigend guttgeheescht hätt. Am Kontext vun der UNO-Fraerrechtspolitik wäert den Artikel ausserdeem Hiweiser aus, datt Lëtzebuerg d'Kandidatur vum Iran an d'UNO-Kommissioun fir Fraerchter mat ënnerstëtzt hätt, obwuel och dëst Land ëmmer rëm wéinst méigleche Verstéiss géint d'Rechter vun der Fra an der Kritik steet.

An deem Zesammenhang géif ech der Regierung gär dës Froe stellen:

- 1) D'UNO fällt an de Kompetenzberäich vum Här Bausseminister. Ass déi am Artikel thematiséiert israelfeindlech Haltung vun eisem Land op eng unilateral Decisioun vum Här Minsiter fir Baussepolitik zeréckzeféieren oder entsprécht se där offizieller Positioun vun der ganzer Regierung?
- 2) Kann d'Regierung preziséieren, wéi wäit déi uewe beschriwwen Decisiounen am Kader vun der UNO-Fraerrechtspolitik der Linn vun där nationaler, sougenannter "feministescher Baussepolitik" entsprechen?
- 3) Huet Lëtzebuerg an dene leschte Joren Kandidature vum Iran fir UNO-Gremien ënnerstëtzt? Wa jo, wéi eng woren dat? Huet Lëtzebuerg fir den Iran als Member vun der UNO-Kommissioun fir Fraerchter gestëmmt?

Mat déiwem Respekt,



Fernand Kartheiser
Deputéierten